


# Regulus Junior-Club

## Programm
## Abrëll – August 2026









natur&ëmwelt

**Regulus Junior-Club**
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
**www.naturemwelt.lu**

Donneschdes, den 2. Abrëll 2026

# Ouschterrallye op dem Bauerenhaff

En Abenteuer waart op dech op eisem Bauerenhaff! Léis Rätsel, meeschter lëschteg Aufgaben an hëllef déi verlueren „gëlle *Muert*" ze fannen. Dobäi léiers du eis Déiere kennen – eis Hénger, Kanéngercher, Ieselen, Geessen, Schof a Schwäin freeën sech op dech!

Auerzäit:
09.00-12.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

Alter: 6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €

Samschdes, de 18. Abrëll 2026

# Concert Vullestëmmen live!

Mir wäerten dee Moien eng flott Vullestëmmewanderung mat eisem Ornitholog maachen. Dobäi probéiere mir déi verschidden Gesäng ze erkennen.
Är Elteren a Geschwëster sin härzlech wëllkomm bei dëser Aktivitéit.





**Auerzäit:**
09.00-11.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
6 €



Dënschdes, den 28. Abrëll 2026

# Tock, tock, wien trommelt dann do?

Firwat trommelen d'Spiechten? Wou wunnen se? Dat wëlle mir dësen Nomëtteg erausfannen an dobäi natierlech mat erliewe wéi de Bësch sech lues a lues am Fréijoer verwandelt!




**Auerzäit:**
14.30-17.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 9 Joer

**Onkäschten:** 6 €



Sonndes, de 3. Mee 2026

# Laf fir d'Natur

Fir all sportlech Naturfrënn. Mir lafe fir de Naturschutz! Och d'Eltere sinn häerzlech wëllkomm fir déi grouss Course (5 oder 10 km)!

## Kidslaf: 1 km



**Treffpunkt**:
Kockelscheier,
*Haus vun der Natur*

**Départ**:
10.00 Auer

**Vun 10.00 bis 12.00 Auer sinn nach flott Naturatelier'en vum Regulus Junior-Club virgesinn!**

## Samschdes, den 16. Mee 2026

# WG-Check bei Meesen & Co.

Zesumme mat engem Ornitholog gi mir duerch de Kockelscheierbësch a kontrolléieren d'Naschtkëschten. Dobäi kucke mir ob si besat sinn a wéi eng Villercher dra sinn. Deng ganz Famill ass wëllkomm fir bei dëser intressanter Aktivitéit deel ze huelen.







**Auerzäit:**
09.00-11.00 Auer


**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*P&R Kockelscheier*
*(bei der Spillplaz)*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €



## Donneschdes, den 28. Mee 2026



# Bestëpser op der Blummewiss






Bei enger spannender **Bestëpser-Safari** op der faarweger Blummewiss entdecke mir summend Beien, Päiperleken, Käferen a vill aner kleng Wisebewunner. Mat Luppen observéiere mir d'Déieren a fannen eraus, wéi eng Blumme si besichen. Dobäi léiere mir, firwat Bestëbser fir eis Natur an och fir vill vun eise Liewensmëttel esou wichteg sinn.

Zum Schluss maache mir eppes Klenges fir mat heem ze huelen – fir och do Liewensräim fir Bestëbser ze schafen.







**Auerzäit**:
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt**:
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Onkäschten**: 6 €

**Alter**:
6 bis 12 Joer

## Dënschdes, den 2. Juni 2026

# Wëll Planzen

Mir wäerten op dësem Nomëtteg eng flott Kräiderwanderung iwwert Kockelscheier machen. Dobäi kucken mir eis déi verschidden Kräider mol ganz genee un.



Auerzäit:
14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

Alter:
6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €





## Samschdes, den 6. Juni 2026

# Kranz bannen

Si sinn e richtegen Hingucker, riche wonnerbar an et mecht enorm vill Spaass fir si ze bannen. Du wëlls gären d'Konscht vum Kranzbannen léieren? Da komm mat op e klengen Spadséiergang duerch de Bësch a sammel mat eis frësch Naturmaterialien. Dono weise mir dann wéi een en dekorativen Kranz banne kann.



**Auerzäit:**
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
8 bis 12 Joer



**Onkäschten:** 12 €





Sonndes, den 7. Juni 2026

# Grousst Familjefest beim Biodiversum



De Biodiversum zu Remerschen feiert dëst Joer 10. Gebuertsdag. Dofir gëtt dësen Dag e flott Familjefest matt villen Aktivitéiten organiséiert.
Kommt lanscht a loosst iech iwerraschen.


**Auerzait:**
Sonndes, 10.00 – 18.00 Auer

Happy Birthday!

**Wou?**
Remerschen
*Biodiversum*



**Sonndes, den 14. Juni 2026**



# Fest vun der Natur

Wéi all Joer bitt d'Fest vun der Natur vill Interessantes iwwert eis Natur an Ëmwelt. Et lafe vill flott Aktivitéiten beim Haus vun der Natur! Komm mat denger ganzer Famill laanscht a looss dech iwwerraschen!!!!!!



**Auerzait:**
Sonndes, 10.00 – 18.00 Auer

**Wou?**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*









## Dënschdes, den 16. Juni 2026

# Bock-Kasematten

Am Joer 963 huet de Grof Sigfried op dem Bock-Fiels eng Buerg gebaut. 800 Joer méi spéit sinn am Fiels d'Kasematten ugeluecht ginn wou d'Kanounen de Fiels an d'Stad verteidege konnten.
Op engem flotten Tour gi mir duerch dës Kasematten, entdecke weider Befestegungsanlagen a kréien d'Geschicht vun der Melusina gezielt.

<u>Auerzäit</u>:
14.30-16.30 Auer

<u>Treffpunkt</u>:
*Um Knuedler virun der Gemeng,*
*Stad Lëtzebuerg*





<u>Alter</u>:
6 bis 12 Joer

<u>Onkäschten</u>: 6 €

# Geméispower




De Gaart op der Kockelscheier ass en Entdeckungsfeld, wou mir Interessantes iwwert eis Narungsplanzen erfuerschen. Mir gesinn, dass d'"Fritten" an anert Geméis am Gaart wuessen a schaffe selwer mat verschiddenem Gaardegeschier. Natierlech wäerte mir och eppes Guddes mat dem Geméis aus dem Gaart zoubereeden.









**Auerzäit:**
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 12 €





Freides, den 3. Juli 2026

# De Fliedermais op der Spuer



Matt dem Batdetektor gi mir op d'Sich no de Fliedermais ronderëm Leideleng. Do léiere mir déi verschidden Liewensräim kennen a wäerten vill Informatiounen iwert dës Nuetskobolden kréien.
Hei muss du vun engem Erwuessenen begleed gin!

**Auerzäit:**
21.00-23.00 Auer


**Treffpunkt:**
Leideleng
*Place des Martyrs*
*(bei der Kiirch)*



**Alter:**
6 bis 12 Joer



Samschdes, den 11. an den 18. Juli 2026






# „Mir ginn an d'Blummewiss"





An der Belle Etoile ass d'Expo «Cactus Blummewiss» a mir organiséieren zweemol Samschdes e klengen Workshop «Mir ginn an d'Blummewiss».
Kommt lanscht a loosst iech iwerraschen.



<u>**Auerzäit:**</u>
Samschdes, 10.00 – 17.00 Auer




<u>**Wou?**</u>
Bertrange
*Belle Etoile*














Mëttwochs, den 22. Juli 2026

# Nuetsaktiv



Waars du schonn eng Kéier nuets am Bësch ënnerwee? Wat geschitt am däischtere Bësch? Si villäicht nuetsaktiv Déieren ënnerwee, déi Geräischer maachen? Looss dech iwwerraschen, maach mat an erlief de Nuets-Bësch mat all denge Sënner!

**Auerzait:**
21.00-23.00 Auer





**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*




**Alter:**
8 bis 12 Joer

**Onkäschten:** 6 €

Méindes, den 27. bis Freides, de 31. Juli 2026



# Camp écologique



## am Naturpark Our

Mir erfuerschen d'Natur an d'Biodiversitéit am Naturpark Our. Mir wäerten eng spannend Woch erliewe mat ville flotten Aktivitéiten. Iwwernuecht gëtt am „Centre écologique et touristique Parc Housen".

**Alter:**
8 – 12 Joer





**Onkäschten:**
260 €
(bei Geschwëster ass d'Participatioun fir all weidert Kand nëmmen 180 €)

**Et sinn nach e puer Plaze fräi!**
**Deen éischten ass vir 😊!**








## Dënschdes, den 11. August 2026



# Waasserfuerscher

Wéi eng Déiere liewen am Weier? Alles Froen, déi mir op dësem flotten Moien mat Beobachtungen a Spiller ronderëm dës Déieren zesumme mat dir wëllen erausfannen.



**Auerzait:**
09.30-12.00 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*



**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
6 €

## Donneschdes, den 13. August 2026

# Feierkichen

Dësen Dag si mir Feierkäch a bereeden eist Mëttegiesse vir, fir et duerno um Feier ze kachen. Dono maache mir eis och gutt Dessert'en um Feier. An der gemittlecher Ronn loosse mir ons et gutt schmaachen!





**Auerzait:**
10.30-15.30 Auer

**Treffpunkt:**
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

**Alter:**
6 bis 12 Joer

**Onkäschten:**
25 €



Donneschdes, den 27. August 2026

# Eist Bëschlager – bauen am Bësch 

De Bësch gëtt zu eiser Abenteuerplaz. Zesumme baue mir aus Äscht, Bengelen an Naturmaterial eis eegent Bëschlager an entdecken, wéi ee sech matten an der Natur eng gemittlech Plaz schafe kann.
Dobäi erliewe mir de Bësch mat alle Sënner; bei Bëschspiller entdecke mir eis Geschecklechkeet an eisen Teamgeescht, sammelen éischt Erfahrungen mam Feier a genéissen eng kleng Paus an eisem selwer gebaute Bëschlager.
En Dag voller Natur, Beweegung an Abenteuer waart op dech!






__Auerzäit__:
10.30-15.30 Auer

__Treffpunkt__:
Kockelscheier
*Haus vun der Natur*

__Alter__: 6 bis 12 Joer

__Onkäschten__: 12 €



Numm: ____________________

Numm (Mamm) ____________________

Numm (Papp) ____________________

Adress: ____________________

Uertschaft: ____________________

Gebuertsdatum: __________

GSM (Mamm): __________ GSM (Papp): __________

Mails: ____________________

____________________

mellt sech u fir: (ukräize w.e.g. an zeréckschécken oder mailen un de Regulus Junior-Club)

O Ouschterrallye
02.04.2026

O Concert Vullestëmmen Live!
18.04.2026

O Tock, tock – wien trommelt dann do?
28.04.2026

O Laf fir d'Natur
03.05.2026

O WG-Check bei Meesen & Co.
16.05.2026

O Bestëpser op der Blummewiss
28.05.2026

O Wëll Planzen
02.06.2026

O Kranz bannen
06.06.2026

O Bock-Kasematten
16.06.2026

O Geméispower
27.06.2026

O De Fliedermais op der Spuer
03.07.2026

O Nuetsaktiv
22.07.2026

O Camp écologique 2026
27.07. – 31.07.2026

O Waasserfuerscher
11.08.2026

O Feierkichen
13.08.2026

O Eist Bëschlager
27.08.2026

natur&ëmwelt

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu